ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Laut der Police Statistik, déi de 26. Mäerz 2021 publizéiert gouf, gouf 2020 zu Lëtzebuerg 562 mol erfollegräich an net bewunnte Gebaier agebrach. Zousätzlech gouf et 374 Abréchversich an net bewunnte Gebaier.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister:

1) Gouf de Staat am Joer 2020 och selwer Affer vun Abrochskriminalitéit? Wa jo, wéi eng Beräicher (Muséeën, Etablissement Publics, Depoten vu Staat a Gemengen, ëffentlech Betriber asw.) waren dovu betraff?
2) Wéi eng Käschte sinn doduerch entstanen?
3) Wéivill vun dëse Fäll goufen opgekläert?
4) A wéivill Fäll koum et zu enger Verurteelung duerch d'Justiz? Wéi eng Täterprofiller hunn sech erginn?
5) A wéivill Fäll konnten déi geklauten Objete vun der Police insgesamt sécher gestallt ginn? A wéivill vun deene Fäll waren se zu Lëtzebuerg stockéiert an a wéivill Fäll am Ausland?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten